PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/11/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An enger zweeter Phase vum *Large Scale Testing,* géif méi cibléiert getest ginn, sot d'Gesondheetsministesch. Ënnert anerem, solle Beruffsgruppen, déi am Alldag mat besonnesch ville Léit a Kontakt sinn, méi oft invitéiert ginn, um *Large Scale Testing* deelzehuelen.

*"Le deuxième contingent sera constitué de la « population d'individus particulièrement exposés », en raison de sa vulnérabilité ou de son haut risque d'exposition."*

U mech ass d'Informatiounen erugedroe ginn, dass d'Personal am Bildungssecteur säit dem Schoulufank manner Invitatioune geschéckt kritt hätt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Huet d'Zuel vun den Invitatiounen, déi u Persounen aus dem Bildungswiese geschéckt goufen, sech säit dem 15.09.2020 verännert?
   Falls jo, wéi vill Tester sinn,
   - virum 14.09 wöchentlech un dës Persoune gescheckt ginn?
   - vum 14.09 bis den 4.10 wöchentlech un dës Persoune gescheckt ginn?
   - vum 5.10 bis den 1.11 wöchentlech un dës Persoune gescheckt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député